PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Interieur weiderzeleeden.

De Méinden 21ten Februar huet Tageblatt bericht, dass d'Internetsäit vu Meteolux e puer Minutten nom Ausruffe vun der Alerte Rouge wéinst staarke Wandstéiss net méi erreechbar war. Laut Meteolux louch dësen Ausfall un enger Iwwerlaaschtung vum Server. Schonn d'lescht Joer wärend den Iwwerschwemmungen am Juli koum et zu technesche Problemer beim Site.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kann d'Regierung bestätegen, dass d'Site Meteolux op e staatleche Server migréiert gëtt? Wa jo, wat fir ee konkreten Zäitplang ass hei virgesinn? Wa nee, firwat net?

2. Wat fir Schrëtt wäerte geholl ginn, fir d'Ofstierze vum Site vu Meteolux an Zukunft ze verhënneren?

3. Laut Tageblatt schafft d'Regierung un enger Meteo-App duerch déi si sech eng méi effizient Kommunikatioun erhofft. Dës App kann awer natierlech nëmme vun deene benotzt ginn, déi ee Smartphone mam néidegen Internetzougang hunn. Denkt d'Regierung net, dass prioritär misst gekuckt ginn, fir d'Leit am Noutfall iwwert SMSen z'erreechen an d'"Gouvalert"-App ze verbesseren?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

GOERGEN Marc

Député